

Dépôt: Sven CLEMENT

07.05.2020

## Motiuon

### D'Deputéiertechamber stellt fest:

1. Am Kontext vun der Coronakris gëtt d'Zuel vun den Tracing-Applikatioune weltwäit ëmmer méi grouss;
2. Contact-Tracing ass – sou laang keng Impfung existéiert – ee wichtege Deel an enger gesamter sanitärer Strategie, déi Infektiounsketten effikass ënnerbriechen kann;
3. D'Regierung huet sech méi Moyën' e gi fir en analogen Tracing duerchzuführen.
4. D'Recht op Privatsphär ass ee fundamentaalt Mënscherecht;
5. Iwwer 500 Wëssenschaftler hu kloer Ufuerderungen u Contact-Tracing-Applikatiounen am [Contact Tracing Joint Statement](#) vum 19. Abrëll formuléiert;
6. Reng technologesch Léisunge kënnen nëmmen een Deel vun enger gesamter sanitärer Léisung sinn;
7. Net all Mënsch huet e Smartphone;
8. Den European Data Protection Board (EDPB) den 21. Abrëll d'lignes directrices fir den Asatz vu Contact Tracing Applikatiounen publizéiert huet an dobäi d'Mindestcritèren souwéi den Appel fir Datespuersamkeit formuléiert.


### Aus dese Grënn invitéiert d'Deputéiertechamber d'Regierung :

- Weiderhin op den analogen Tracing ze setzen an déi néideg personell Kapazitéiten ze assuréieren;
- Ënnert kéngen Ëmstänn eng obligatoresch Tracing-Applikatioun zu Lëtzebuerg anzeführen;
- Just op eng fräiwëlleg Tracing-Applikatioun zeréckzegräifen, wann den europäeschen Kontext dëst vun eisem Land verlangt;
- An deem Kontext eng Base légale ze schafen, déi genau definéiert ënnert wéi enge Konditiounen esou eng fräiwëlleg Tracing-Applikatioun zu Lëtzebuerg kéint entwéckelt a genotzt ginn;
  - a) Vun Ufank un d'Prinzipien vun Dateschutz a Datespuersamkeit virzegesinn an zäitlech Begrenzungen fir d'Späicheren an d'Notze vun den Daten festzehalen;
  - b) D'Interoperabilitéit vun esou enger App mat den EU-Partner ze garantéieren déi och eng dezentral Späicherung notzen;
  - c) De Sourcecode vun enger eventueller App oppenzeleeën fir esou eng onofhängeg Analyse ze erméiglechen;

- d) Keng zentral Späicherung vun Daten z'erlaben déi Persounen identifizéiere kënnen;
- e) Sécherzestellen datt Donnéeën, och anonymmer, nëmmen mam explizitten Accord vum Utilisateur gedeelt kënnen ginn;
- f) Keng Tracing-Applikatioun zouzeloossen, déi nach aner Gesondheitsdonnéeën oder -Servicer géréiert, resp. ubitt;


Wann op eng Tracing-App zeréckgegraff géif:

- - Sech géint Diskriminierung vu Leit anzesetzen déi d'App net wëllen oder kënnen benotzen;
- - Eng Evaluatioun vum Dateschutz, der Efficaciteit an der sanitärer Plus-value ze maachen.

  
Sven CLEMENT

L. MOSAR  


L. Mutsch  


S. ARENDT  


Lorschie f.  
